N°1286
Entrée le 03.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

De Benevolat spillt an der Gesellschaft eng wichteg Roll. Ouni den Engagement vun de Fräiwëllegen wieren vill Aktivitéiten an Aktiounen net méiglech; eng ganz Partie Organisatiounen kéinten net fonctionnéieren.

An hierem Koalitiouns-Accord huet d'Regierung ugekënnegt, dass si de Benevolat besser wëll ënnerstëtzen andeems déi verschidden Instrumenter an Offeren weider strukturéiert ginn. Dofir soll en inter-ministerielle Comité an d'Liewe geruff ginn, dee soll Proposen ausschaffen fir de Benevolat besser ze promouvéieren an d'Konditiounen ze verbesseren.

Bei der Enquête iwwert de Benevolat, déi vun TNS-Ilres am Optrag vum Familljeministère duerchgefouert an am Fréijoer 2022 virgestallt ginn ass, goung ënnert anerem och Rieds vun enger besserer Ofsécherung an enger adequater Assurance Accident a Responsabilité civile fir Benevolen.

Dozou wollt ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

- Wéi ass d'Fro vun der Ofsécherung an de Régime vun der Assurance Accident a Responsabilité civile fir Benevollen am Moment am Sport gereegelt?
- Wéi eng Leit, wéi eng Géigestänn, wéi eng Beräicher an Aktivitéiten a wéi eng Risquen sinn ofgeséchert?
- Wéi sinn punktuell Benevollen ofgeséchert, déi z.B. de Transport vun de Spiller matt assuréieren oder soss ronderëm Matcher oder Sportsmanifestatiounen eng Hand upaken oder och privat Material zur Verfügung stellen?
- Wien a wat ass iwwert d'Clibb respektiv d'Federatiounen ofgeséchert?
- Wien dréit d'Käschten vun dësen Assurancen?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu